



**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an  
ëffentlech Aarbechten, op  
d'parlamentaresch Fro n° 5256 vum 18. November 2021 vun der honorabelen Deputéiert  
Martine Hansen betreffend de Lycée technique agricole zu Gilsdref**

**1. Fro: Ass den Här Minister gewëllt, no Léisungen ze sichen an zum Beispill de besteende Parking vum Lycée op 2 Niveauen auszebauen? Wa jo, a wéi engem Zäitraum soll dat geschéien? Wann net, firwat net?**

Et ass net virgesinn de besteende Parking vum Lycée technique agricole (LTA) op 2 Niveauen auszebauen. D'Unzuel vun de Parkplaze gouf 2008 vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend festgehalten, op Basis vun den Informatiounen vun der Direktioun vum LTA. Déi 100 Platze stinn dem Léier- an techneschem Personal, der Direktioun souwéi de Visiteuren an de Fournisseuren vun der Schoul zur Verfügung. Fir d'Gefierer vum Lycée si Plaze bannen an och niewent de Gebaier virgesinn.

Sou wéi bei anere Schoulgebaier ass och de Parking vum LTA net fir d'Schüler geduecht. Een Busquai um Site an ee Foussgängerwee aus der rue Merten erméiglechen de Schüler de Site vum LTA och ouni Auto ze errechen.

Ausserdeem sinn am modifizéierten allgemengen Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Bettenduerf zwou sougenannte "*servitudes d'urbanisation*" fir d'Zone vum Parking definéiert. Als Kompensatiouns Moosnam fir déi initial Biotopen muss deemno de Parking als permeabel Fläch ausgefouert ginn an zousätzlech mat Beem an Hecke beplant ginn fir eng optimal Integreatioun an d'Landschaft ze garantéieren.

Ee Parking op zwee Niveauen ass deementspreechend net konform mam PAG.

**2. Fro: Wéi positionéiert den Här Minister sech par Rapport zur Iddi, am Kader vum Neibau fir d'ASTA (Administration des Services techniques de l'Agriculture) um selwechte Site e Parkhaus opzeriichten an dat och fir d'Communautéit vum Lycée souwéi och fir d'Participantë vun de Weiderbildungen opzemaachen?**

De Bauprogramm vum Gebai vun der ASTA gesäit ee Parking vu ronn 64 Emplacementen vir. Et ass virgesinn eng Partie bausen an eng Partie ënnerdesch am Gebai ze amenagéieren fir d'Limite vun der besteender Zone fir ëffentlech Gebaier an Equipementen (Zone BEP) vum PAG vun der Gemeng Bettenduerf ze respektéieren.

D'Baufënster vum Gebai fir d'ASTA, déi 2014 duerch d'Modifikatioun vum PAG definéiert gouf, ass net grouss genuch fir nach eng zousätzlech Konstruktioun wéi beispillsweis ee Parkhaus ze bauen.

**3.Fro: Ass den Här Minister gewëllt, bei der Äerenzdallgemeng z'intervenéieren, fir de Parking beim Lieu-dit „Bloen Eck“ géint eng finanziell Bedeelegung vum Staat fir d'Schoulcommunitéit vum Lycée agricole zur Verfügung gestallt ze kréien an an deem Fall eng Navette anzeriichten? Wa jo, a wéi engem Zäitraum? Wann net, firwat net?**

Nee, wéi aus der éischer Äntwert ervirgeet, gi fir den LTA déi selwecht Kritären ugewand wéi bei anere Schoulgebaier am Land an et gi keng Parkplazen fir Schüler virgesinn.

Lëtzebuerg, de 7. Februar 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch